Nr. 0 / Oktober 2016

LLJ • News

D'Zeitung fir d'Landjugend an d'Jongbaueren

E Joer vu Changementer

Am Laf vum Joer gouf déi grouss Vereinfachung vun der Struktur vun der LLJ realiséiert.

Säite 4 - 5

Staarken Asaz op der Foire Agricole

D'Membere vun der LLJ hunn op en Neits mat vill Engagement eng sëllechen Tâchen op der FAE 2016 iwwerholl.

Säite 6 - 7

Visite de Coopération

Vertrieder vun der LLJ hunn sech e Bild vun der Kooperatiounsaarbecht gemaach, déi d'ONG am Kamerun geleescht huet.

Säiten 10 - 11

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. • 5, avenue Marie-Thérèse • L-2132 LUXEMBOURG
www.jongbaueren.lu • Tél. 447 43-252 • Fax: 447 43-563 • E-mail: secretariat@jongbaueren.lu
CCPLLULL: LU12 1111 0040 0831 0000 • Jorescotisatioun: 10 €

Vergaangenheet – Géigewaart – Zukunft

Abbé Romain RICHER

Léif Frënn,

Vergaangenheet – Géigewaart – Zukunft, dat ass den zäitleche Raum, an deem mir äis beweegen. Heiansdo treffen ech op Mënschen, déi ganz onroueg sinn, déi iergendwéi duerch den Alldag rennen an hiert Liewen net richteg erliewen. Déi eng renne just, si hunn nëmmen d'Zukunft am Bléck. Si sinn ëmmer e Schratt viraus, hir Gedanke gi méi séier a Richtung Zukunft, ewéi si iwwerhaapt lafe kënnen. Si hu just de Bléck fir d'Zukunft a si vergiessen, de Moment ze erliewen.

Anerer liewe just an der Vergaangenheet. Si flüchte regelrecht a Strukturen, a vergaange Gedanken an Iddien, si hunn Angscht, sech opzemaachen an Neies ze erliewen. An da ginn et déi, déi just am Moment liewen. Ech liewen elo – egal wat muer kënnt. Firwat sech Gedanke maachen, einfach just genéissen, d'Zukunft ass nach wäit ewech ... oder?

Menger Meenung no musse mir versichen, am Equiliber ze liewen. Wat bedeit dat? Ma ech denken, datt et wichteg ass, d'Géigewaart ze erliewen. Et ass fir eist Gléck néideg, datt mir de Moment erliewen, net einfach just duerch den Alldag lafen, mee datt mir a Rou eise Wee ginn. De Bléck fir dat Einfacht, dat Klengt, fir d'Schéinheet vun esou Villem, wat äis op eisem Wee begéint.

Awer et ass och wichteg, de Bléck an Zukunft ze riichten. Wou wëll ech hin, wou gesinn ech mech an enger bestëmmten Unzuel vu Joren? Wat si meng Pläng fir d'Zukunft? Et heescht op déi Schrëtt opzepassen, déi ech elo an der Géigewaart maachen, fir esou geziilt an d'Zukunft ze goen. Et ass kloer, datt d'Zukunft sech net ëmmer esou presentéiert, wéi mir et wëllen … an dach, voll Vertrauen de Wee maachen an op si fir dat, wat mir Dag fir Dag geschenkt kréien.

D'Géigewaart erliewen - hei mat Frënn am Kamerun

find us on Facebook

Awer, fir ze wësse wou ech hi wëll, fir de Moment kënnen ze erliewen a mäi Gléck am Alldag ze fannen, ass et wichteg de Bléck an d'Vergaangenheet ze riichten. Wou kommen ech hier? Wat huet mech zu deem gemaach, wat ech haut sinn? Wat huet mech gestäerkt, wat huet mech niddergedréckt? Wann ech meng Wuerzele kennen, weess, wou ech hierkommen, da kann ech mech och selwer besser verstoen an zu mir selwer fannen. A wann ech mech besser kennen, da weess ech och wat ech an der Géigewaart brauch a wou ech hi wëll: Den Equiliber vu Vergaangenheet – Géigewaart – Zukunft!

Léif Frënn, och fir äis als *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* ass et wichteg ze kucken, wou mir hierkommen a wéi e Wee mir scho gaange sinn. Genee esou wichteg ass et, d'Géigewaart ze erliewen. Mir sinn eng staark Equipe, Villes gëtt zesummen erlieft, an de Gruppen, ewéi och op nationalem Plang. A mir si staark genuch, fir esou an d'Zukunft ze goen. Mir ginn op verschiddenen Niveauen en neie Wee an dës Oppenheet fir Neies ass wichteg. Mir sinn äis bewosst, wat eis Wuerzelen an eis Traditioune sinn a mir gi voller Courage an d'Zukunft - ouni ze rennen, ouni de Moment ze vergiessen. Ech si frou, fir dëse Wee mat Iech kënnen ze goen a wënschen äis all eng geseenten Zukunft, als Frënn, als Equipe, als *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren*!

Ären Nationalaumônier,

Romain RICHER

Nelly MEYERS

Eng nei sprëtzeg Zeitung fir eis Associatiounen

Léif Frënn a Membere vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* (LLJ).

Un éischter Stell wëll ech Iech ganz häerzlech am Kader vun dëser iwwerschaffter Versioun vun eiser Verbandszeitung – dem LLJ-News – begréissen. D'Insider wëssen, datt eis Associatiounen zënter de Statutenännerungen, déi am Abrëll op den aussergeweïnleche Generalversammlunge beschloss gi sinn, ënnert enger neier Struktur funktionéieren (méi Detailer dozou op de Säite 4 a 5). Dat huet verständlecherweis eng Rei méi oder manner Ännerunge mat sech bruecht. Eng vun dëse siichtbaren Ännerungen huet sech op eis Zeitung, déi ëmmerhi schonn zënter 1945 ënner dem Titel *„Duerf"* publizéiert ginn ass, ausgewierkt.

No laanger Zesummenaarbecht mat der KMA, wat déi gemeinsam Publikatioun vum *„Duerf"* betrëfft, trennen sech vum Januar 2017 un, eis Weeër. An engem Aarbechtsgrupp hu mir äis zesummegesat an deemno en neit Konzept fir eis Zeitung ausgeschafft. Ech hoffen, datt Iech dësen éischten Exemplar usprécht a gefält a wënschen Iech vill Spaass beim Duerchbliederen an Entdecke vun dëser – wéi mir iwwerzeegt sinn – sprëtzeger Ausgab.

Erlaabt mir nach kuerz op zwou Aktivitéiten anzegoen, déi dëst Joer um Programm vun der LLJ stoungen/stinn. Den 10. an 11. September hunn d'Membere vun deene siwe regionale LLJ-Gruppen op en Neits déi sougenannte Landjugend-Power-Aktioun a siwe verschiddene Gemengen organiséiert. Op benevoller Basis goufen esou verschidde Projeten, déi der Allgemengheet zegutt kommen, realiséiert. Op eiser Homepage (www.jongbaueren.lu) an op eiser Facebook-Säit kritt Dir eng Iddi, wat déi Jonk hei geleescht hunn.

Dësweidere gouf an engem Aarbechtsgrupp aktiv um neie Landjugendkalenner geschafft. D'Membere vum Grupp hunn sech vill Gedanken a Méi gemaach, fir Iech d'Landwirtschaft op eng attraktiv Aart a Weis méi nozebréngen. Ufanks November ass déi nei sprëtzeg Editioun vum Landjugendkalenner 2017 disponibel. Dir fannt déi néideg Informatioune fir d'Bestellung op der Säit 10 vun dëser Zeitung.

Är Nationalpresidentin
Nelly MEYERS

Jeff BOONEN

D'LLJ – En dynamesche Veräin mat Zukunft

D'Associatioun vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* (LLJ) regruppéiert bal 1.000 Memberen. Duerch déi breet Opstellung mat regionale Gruppen – an um nationale Plang, mat ville verschiddenen Aarbechtsgruppen – bidde mir de Jonken d'Méiglechkeet, sech do ze engagéieren, wou et hinnen am meeschte Spaass mécht an do wou si eppes bewege kënnen. Menger Meenung no muss dat d'Haaptzil vun all Jugendveräi sinn: *de Jonken eng Plattform ginn, wou si hiren Iddien nogoe kënnen!*

Esou hu mir ganz vill aktiv Leit an eise regionale Gruppen. Si striewe virun allem e soziaalt Zil un: d'Leit vum Land zesummebréngen an Aktivitéiten an eisen Dierfer organiséieren.

Op nationalem Plang gëtt et e grousst Engagement an de verschiddenen Aarbechtsgruppen. Ech denken un *d'Grupp Zuucht*, déi sech mat der Zuucht vu Mëllechkéi beschäftegt a flott Concoursen organiséiert.

Den Aarbechtsgrupp *Agrarpolitik* setzt sech fir déi jonk Baueren a fir d'Landwirtschaft an. Duerch eis kloer Positiounen a konstruktiv Kritiken zu der aktueller Politik genéisse mir bei den zoustännegen Instanzen eng grouss Unerkennung. Dës ass wichteg, fir datt eis Impulser an de politeschen Decisioune berécksiichtegt ginn.

Ech sinn dann och immens frou, datt mir dëst Joer zwou weider landwirtschaftlech orientéiert Aarbechtsgruppe grënne konnten. Fir mech ass dat de Beweis, dass eis Associatioun gutt funktionéiert a weiderhi jonk Leit fir ënnerschiddlech Theme begeeschtere kann. Mir hunn do als éischt den Aarbechtsgrupp *Fleeschranner-Jongziichter*. D'Mammekéi maachen zu Lëtzebuerg d'Halschent vun de Kéi aus, an dofir verwonnert et net, datt och hei jonk Leit sech engagéiere wëllen. Dësweideren hu mir den Aarbechtsgrupp *Kommunikatioun an der Landwirtschaft*. An dësem Grupp hu sech motivéiert Jongbaueren zesummefonnt, fir sech Gedanken ze maachen, wéi een d'Landwirtschaft erëm méi bei de Konsument brénge kann. Eng éischt wichteg Aktioun stellt d'Sensibilisatiouns-Campagne duer, déi de 27. September 2016 mam Opstelle vu Panneaue laanscht Stroossen uechter d'ganzt Land a mat dem Lancement vum Site *fro-de-bauer.lu* ëmgesat ginn ass.

Déi grouss Dynamik an deen uewegenannten Aarbechtsgruppen – mee och an deenen net weider ernimmten, wéi déi vum *Landjugendkalenner*, der neier Verbandszeitung *LLJ•News* an deene vun der ONG *(Stratégie opérationnelle, Sensibilisatioun, Burkina Days)* beweist, datt eis Associatioun lieft an domat eng immens Präsenz dobaussen huet. Esou gi mir regelméisseg mat eise Projeten an de Medien zitéiert. Doniewent ware mir viru kuerzem bei eisem Premier, dem Här Xavier Bettel, fir mat him iwwer d'Wichtegkeet vun eisem Mouvement – an awer och verschidde politesch Punkten – ze schwätzen.

Et ass wichteg, datt d'Responsabilitéiten an engem Jugendveräin net ze laang bei eenzele Leit bleiwen, fir datt de Veräin och wierklech jonk bleift. Deemno wäert ech op deem dësjärege Jongbauerendag meng Funktioun als Nationalpresident un de *Marc Roeder* vun Tandel weiderginn. Et huet mir immens vill Freed gemaach, fir mat all eisen Aarbechtsgruppen zesummenzeschaffen, an ech sinn iwwerzeegt, datt dat esou virugeet.

Jeff BOONEN

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.

Vereinfachung vun der Struktur vun eisen Associatiounen



Opgrond vun den Iwwerleeungen, déi de 14. Mäerz 2015 op der *„Journée de réflexion“* zu Miedernach an an den doraus ervirgaangenen Aarbechtsgruppen (Sekretariat, Verbandszeitung, Sensibiliséierungsaarbecht am Kader vun der ONG-D) gemaach gi sinn, ass – énner anerem – proposéiert ginn, fir d'Struktur vun der *„Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer“* un déi aktuell Gegebenheeten unzepassen.

Déi definitiv Decisioun, fir dëse Schratt ze goen, gouf op den dësjärege Generalversammlunge vun de regionale Gruppen, resp. Memberorganisatiounen (Cliärref, Dikrich, Furen, Maacher, Süden, Uewersauer, Zenter) a vun der ONG-D zur grousser Majoritéit ugeholl.

Deemno sinn op den extraordinäre Generalversammlungen, déi de 15. Abrëll 2016 am Lycée Technique Agricole zu Ettelbréck ofgehale goufen, énner anerem d'Opléisung vun der *„Lëtzebuerger Landjugend a.s.b.l.“* an der Daachorganisatioun *„Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.“* virgeholl ginn. D'Elementer, déi déi béid Associatiounen ausgemaach hunn, sinn an den iwwerschaffte Statute vun de *„Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer“* verankert.

Mat der Statutenännerung vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer (15. Abrëll 2016) dréit déi aus deenen dräi Associatiounen zesummegestallten A.s.b.l. dann och den Numm ***Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren*** (kuerz: LLJ a.s.b.l.).

Generalversammlung vun der LLJ vum 15. Abrëll 2016

E wichtege Schratt am Liewe vun der LLJ

De Remy Harpes huet vun 2012 un, d'Funktioun vum President am Daachverband Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer assuréiert. Mat der Opléisung vun der LLJ – JB & JW (Detailer op der Säit 7) huet de Remy och e Schlussstréch ënner säin Engagement am Verband bekannt ginn. Mir soen him hei e ***ganz ganz grousse Merci****, fir säin exemplarescht Wierken am Interessi vun eisen Associatiounen an deene Jonke vum Land!*

Usprooch vum oftriedende President Remy Harpes

Léif Membere vun der ***Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren***,

Ech begréissen Iech haut den Owend ganz häerzlech op der dësjäreger Generalversammlung vun eisem nationale Verband – enger ganz besonnescher Generalversammlung. Fir richteg misst ech eigentlech soen: op der Generalversammlung vun eisen nationale Verbänn. Mee dat wëlle mir jo haut änneren.

Uff…, wäerten der vill hei am Sall denken! Déi Leit, déi eis national Generalversammlunge kennen, wëssen dass se ëmmer e bësse schwéierfälleg waren, well mir jo an engem Owend dräi Versammlungen hu missen duerchboxen.

Déi Leit aus dem Nationalcomité wëssen deemno, ëm wat et haut den Owend geet. An de Generalversammlunge vun de regionale Landjugendgruppen ass och schonn driwwer ofgestëmmt ginn. Haut den Owend wëlle mir also aus eisen dräi nationalen ASBL-en – der *Lëtzebuerger Landjugend*, de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer* an der Daachorganisatioun *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer* – eng eenzeg maachen!

U sech ass et eng Saach, déi iwwerfälleg ass, well mir jo schonn zanter Joren, wéi ee Veräin funktionéieren. Éier dës Vereinfachung vun eiser Struktur an Ugrëff geholl gouf, sinn awer och Bedenke formuléiert ginn, well gefaart gouf, datt entweder d'Aktivitéite vun der Landjugend, respektiv vun de Jongbaueren ze kuerz komme kënnten. Am Nationalcomité gouf sech awer déi néideg Gedanke gemaach an ech menge kënnen ze soen, datt déi geplangte Statutenännerung, deem Rechnung dréit.

Esou schwéierfälleg, wéi eis Generalversammlung ëmmer war, war och Villes op administrativem Plang: Konte féieren, Transferte vu riets no lénks an ëmgedréint – fir datt alles seng Richtegkeet sollt hunn – d'Opdeele vun de Fraisen, d'Aschreiwungen am Registre de Commerce et des Sociétés, asw., asw.,… Eis Administratioun wäert mat der Vereinfachung vun der Struktur ganz sécher manner komplizéiert ginn. Dëst war jo och den eigentlechen Ustouss, fir déi ganz Saach unzekuerbelen.

Dat ass och am Hibléck op de Poste vun eisem Permanent ze gesinn, deen äis elo nach vum Bistum zur Verfügung gestallt gëtt. Et weess awer keen, wéi laang dat nach de Fall wäert sinn! Ech géif dann hei gären dovunner profitéieren, fir all deene Leit Merci ze soen, déi sech vun der *Journée de réflexion* un, an deem Aarbechtsgrupp engagéiert hunn.

Fir mech ass et och eng ganz besonnesch Generalversammlung well ech mat dëser e Schlussstréch ënnert meng *„Carrière"*[1] an der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* zéien. Wou ech dat – no all deene Joren, wou ech derbäi war – op de Pabeier geschriwwen hunn, muss ech agestoen, datt et mir awer e bësse schwéier gefall ass. Ech hu jo awer – an do sinn ech net eleng hei am Sall – meng ganz Jugend mat deem Veräi gelieft.

Et ass mir allerdéngs net baang ëm d'Landjugend an d'Jongbaueren, wann ech gesinn, wéi grouss den Engagement an eisem Verband ass.

[1] ***Vun 2001 – 2009:*** Sekretär vum regionale Landjugendgrupp Zenter
Vun 2006 – 2010: Nationalpresident vun der Lëtzebuerger Landjugend
Vun 2012 – 2016: President vun der Daachorganisatioun Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer

Laang Jore war de Remy op regionalem an nationalem Plang fir d'LLJ do. D'Blummen an de klenge Cadeau, déi d'Nelly dem Remy mat op de Wee ginn huet, kënne just e bescheidene Merci fir seng Verdéngschter fir d'Associatioun ausdrécken

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren

Staarken Asaz op der Foire Agricole 2016

Vum 1. bis 3. Juli 2016 waren d'Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren, den Aarbechtsgruppen Zuucht a Fleeschranner-Jongziichter op villen Niveauen an den Däichwisen zu Ettelbréck aktiv.

D'Bedeelegung un der Foire Agricole (FAE) gehéiert zënter laange Joren zum feste Bestanddeel vum Aktivitéitskalenner vun de regionale Gruppen an den nationalen Associatioune vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* (LLJ). Deemno waren d'Memberen och dëst Joer nees iwwer déi dräi Deeg vun der FAE um Dill an hunn hiert Bescht ginn, fir eng staark Präsenz ze weisen an de klengen a grousse Visiteuren entgéintzekommen.

Déi eenzel Aufgaben, déi am Kader vun der FAE fir eis Associatiounen ustinn, mussen all Joer vu laanger Hand geplangt ginn. Den zoustännege President Jeff Boonen, ass scho méintelaang am Virfeld vum Event gefuerdert, fir näischt dem Zoufall ze iwwerloossen. Och dëst Joer konnt hie bei senge Preparatiounen op déi gutt Ënnerstëtzung vun der Co-Presidentin Nelly Meyers zielen. Deemno muss un éischter Stell mat de Verantwortleche vun der FAE gekläert ginn, wat fir eng Tâchen d'LLJ iwwerhëlt. Dozou gehéiert den Accueil vun de bal 3.000 Schoulkanner, déi fir d'Kanneratelieren ageschriwwe sinn, déi vun den Aussteller ugebuede ginn. Doniewent gehéieren d'Féierunge vun de Schoulklassen, déi jeeweils freides während ongeféier 2 Stonne virgesi sinn, zum Tätegkeetsberäich vun de Membere vun der LLJ.

Eng weider wichteg Aufgab stellen d'Preparatioune fir d'Aschreiwungen, fir déi uewegenannte Kanneratelieren duer. Si huele während e puer Wochen e groussen Deel vun der Aarbechtszäit vun de Mataarbechter aus der Zentral vun der LLJ an Usproch. Esoubal d'Ateliere feststinn, mussen deemno d'Lëschte vun den Aschreiwungen an eng sëllechen Telefonsgespréicher mam Léierpersonal gefouert ginn, fir eng beschtméiglech Besetzung vun den Atelieren ze garantéieren.

Dësweidere muss den eegenen Iess- a Gedrénksstand geplangt ginn. D'Bestellunge vum Iessen a Gedrénks muss mat Zäit opgi ginn, den Opbau vum Stand an d'Präsenze vun de Memberen iwwerluecht an organiséiert ginn,… Hei gi vill Stonnen drop, déi eis Presidente mat ganz vill Engagement op benevoller Basis leeschten.

Wat d'Aktivitéiten am Kader vun der FAE vun de respektiven Aarbechtgruppe vun der LLJ betreffen, deemno vum *Grupp Zuucht* mat hirem President, dem Marc Jacobs, an neierdéngs de Fleeschranner-Jongziichter mat hirer Presidentin, dem Jeanne Lux, esou haten och si hir Hänn voll ze dinn, fir d'Véiranner-Concoursen ze organiséieren a mat Succès duerchzeféieren.

Alles an allem kann deemno op e weidere staarken Asaz vu Säite vun der *Lëtzebuerger Langjugend a Jongbaueren* zréckgebléckt ginn. Mir soen deenen uewegenannte Presidenten an all eise Memberen, déi sech am Virfeld a während der FAE konkret abruecht hunn, e ganz, ganz grousse MERCI!

fg

Si hunn hiert Bescht ginn, fir d'Waardezäite beim Accueil esou kuerz ewéi méiglech ze halen an dem Léierpersonal déi néideg Informatioune fir den Dag mat op de Wee ze ginn: (v.r.n.l.: Chantal Heuschling, LLJ-Sekretärin, Nelly Meyers, LLJ-Presidentin)

Déi béid Presidente vun der LLJ, d'Nelly Meyers (r.a.B.) an de Jeff Boonen (l.a.B.) hunn op en Neits Hand an Hand geschafft, fir datt näischt dem Zoufall iwwerlooss war

Sief et an der Keess oder op den Iess- a Gedrénksstänn, déi Jonk waren op dee groussen Undrang vun de Visiteure preparéiert

Landjugendkalenner 2017

Mir weisen drop hin, datt eng nei flott Oplag vum Landjugendkalenner fir d'Joer 2017 an der Preparatioun ass an elo scho bestallt ka ginn:

- *um Telefon: 44743 - 252*
- *per Fax: 44743 - 563*
- *per E-mail: secretariat@jongbaueren.lu*
- *oder mat Hëllef vum Bestellungsformular, deen hei an ënner www.jongbaueren.lu ze fannen ass.*

Eenzelpräis: 15 €

No der Iwwerweisung op dee folgende CCPL-Kont (IBAN LU12 1111 0040 0831 0000 – Vermierk: Landjugendkalenner 2017) vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. kritt Dir de Kalenner ufanks Dezember 2016 mat der Post heemgeschéckt:

Bestellung vum Landjugendkalenner 2017

Per Fax: 44743 – 563 oder
per E-mail: secretariat@jongbaueren.lu
mat der Post:

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 Luxembourg

Heimat bestellen ech

Numm: .....

Virnumm: .....

Adress: .....

.....

Telefon: .....

de Landjugendkalenner 2017

Zuel vu Kalenneren: .....

Réalisation d'un complexe scolaire à Zambélé au Burkina Faso

Notre partenariat avec le village de Zambélé avait déjà débuté en 2015 afin de permettre aux enfants vivant dans cette commune rurale pauvre et aride d'accéder à l'éducation primaire. A ce moment-là, l'école ne disposait que de 3 salles de classe et était dans l'impossibilité d'organiser les 6 niveaux du primaire en même temps. Notre première action sur le site a donc consisté à ajouter 3 salles de classe pour normaliser les capacités d'accueil de l'école primaire, et à approvisionner l'école et le village en eau potable.

Le dynamisme et la compétence du CVD de Zambélé, ainsi que l'implication active de toute la population locale, dans le bon déroulement de ce premier projet (2015-2016) nous ont motivé à poursuivre notre action sur le site avec un second projet (2016-2019). Cette fois, l'objectif visé est de développer l'infrastructure scolaire existante pour permettre aux enfants, les filles en particulier, d'accéder à d'autres niveaux d'enseignement (préscolaire et post-primaire) et assurer ainsi la continuité de leur formation à proximité de leur village.

Le projet s'adresse directement aux populations de Zambélé et de 11 villages environnants dans un rayon de 7-8 km, soit 19 500 habitants, dont 9 000 enfants et jeunes de moins de 15 ans.

La création du complexe scolaire de Zambélé vise principalement à :

- Construire des classes de maternelle et de post-primaire (Collège d'enseignement général), un bâtiment administratif, une cuisine scolaire et un réfectoire
- Fournir des meubles, équipements, et matériels pédagogiques

Au terme du projet, au moins 1 000 enfants/jeunes seront scolarisés chaque année et bénéficieront d'un encadrement et d'un environnement scolaire de qualité. Le complexe scolaire sera un établissement public, où les enseignants et le personnel administratif seront nommés et rémunérés par l'état burkinabè.

L'école primaire de Zambélé

Le Burkina Faso est un des pays les plus pauvres du monde, classé au 183ème rang sur 188 au niveau de l'indice de développement humain (PNUD 2015). Le pays se caractérise par une population jeune (la moitié de la population a moins de 15 ans), très faiblement urbanisée (80% de la population vit en milieu rural), et dont le taux d'alphabétisation atteint seulement 29% (PNUD 2014). L'analphabétisme constitue un frein majeur au développement et confine la population dans l'extrême pauvreté. Malgré les efforts du gouvernement burkinabè et de ses partenaires internationaux, le taux de scolarisation reste toujours en dessous des normes souhaitées et les infrastructures scolaires sont largement insuffisantes, en particulier en milieu rural.

Jacqueline MONVILLE
Chargée de projets

Erfahrungen, déi een net méi mësse wëll

E Grupp vun zéng Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a vun der ONG war vum 26. August bis 3. September 2016 op Visite am Kamerun

„Véronique, wou si mir dann hei?“ „Ma mir si grad mat eisem 4x4 am Kamerun ënnerwee op Jakiri…“ sou hunn eng sëllech vum Philippe senge Video-Opnahmen ugefaangen. E Grupp vun zéng Persounen, bestoend aus Membere vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* (LLJ) an dem *Service Coopération* vun der LLJ (ONG), hunn sech de 26. August 2016 an de Kamerun op de Wee gemaach, fir engersäits de Kooperatiounsprojet vun der ONG *„Maternité vu Soa“* an awer och d'Land an d'Leit – an deem d'ONG zënter laange Joren aktiv ass – kennenzeléieren.

Gespréich a klenge Kaddo fir dee jonken Israel

Demonstratioun duerch den Techniker vun der Wärmelampe

D'Schwëster Marie Pierrette, ssmn, Responsabel vum *Centre de Santé* a vun der Maternité vu Soa, huet de Grupp duerch d'Gebailechkeeten, déi mat Hëllef vun der ONG opgebaut an equipéiert goufen, gefouert. Bei där Geleeënheet huet de Grupp d'Dokteren an d'Infirmièrë getraff, déi an der Maternité schaffen, an huet sech mat hinnen iwwer den Alldag an der Maternité ausgetosch. No engem ergräifenden Temoignage vun enger Mamm, där hire Jong no enger Fréigebuert mat Hëllef vun enger Couveuse konnt opgepäppelt ginn an esou gesond opgewuess ass, konnt de Grupp d'Frae besichen, déi grad accouchéiert haten. Fir hinne fir d'Gebuert vu hire Bëbeeën ze gratuléiere gouf hinnen e klenge Kaddo iwwerreecht.

Vu, datt et och drëm gaangen ass, fir bei dëser Rees d'Land a d'Leit kennenzeléieren, huet den Abbé a seng Disciplen sech queesch duerch de Kamerun op de Wee gemaach. De Wee huet dobäi vu Yaoundé aus iwwer beschwéierlech Pisten op Jakiri gefouert, fir déi typesch Naturlandschaften am Norde vum Kamerun ze entdecken. Dono ass de

Ënnerstëtzung vun der ONG-D mat Hëllef vun Digicash

Dir kënnt d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG-D „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.“ mat engem Don ënnerstëtzen, deen Dir mat Hëllef vun Digicash op Ärem Smartphone maacht.

Am Numm vum Verwaltungsrot soe mir e grousse Merci fir all Ënnerstëtzung zugonschte vun eise Kooperatiounsprojeten an Afrika.

Couveusen

De Grupp mat der Schwëster Marie Pierrette

De Grupp zesumme mat der Equipe vun der Maternité

Wanderung am Reebësch bei Jakiri

„Familljefoto“ am Reebësch mat de jonke Guiden

Visite vun der Kakaosplantage zu Nden

Grupp op Zoételé bei d'Schwëster Scholtus – eng Lëtzebuergerin, déi säit 36 Joer am Kamerun lieft – gefuer. Hei war dann och d'Geleeënheet an d'Duerf ze goen a mat de Leit, déi do am Reebësch wunnen, ze schwätzen an déi vun hinnen ugebuede Kokosnëss, den Zockerrouer, de Kakao an d'Raupen ze schmaachen. Op der Visite vun der Kakaosplantage konnt de Grupp gesinn, mat wéi engen einfache Methoden – nämlech mat enger einfacher Machete – d'Plantagen ënnerhale ginn.

No enger ustrengender Woch, mat villen neien Andréck, huet de Grupp sech dunn erëm op den Heemwee gemaach. Déi gesammelt Erfahrungen – wéi ënner anerem den oppenen Empfang bei de Leit, déi de Grupp besicht huet, de Stroum an d'Waasser, déi net ëmmer zur Verfügung stoungen,... – wäerte bei de Membere vum Grupp nach laang nowierken.

Philippe MITSCH

D'ONG-D
Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren
Service Coopération a.s.b.l.

an d'Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren
Zenter a.s.b.l.

invitéiere ganz häerzlech op

En Dag vun der Kooperatioun

Zugonschte vun de Kooperatiounsprojeten an Afrika vun der LLJ

**e Sonndeg,
de 6. November 2016
zu Ell**

Programm:

10:30 Auer **Mass an der Kierch vun Ell**
Musikaleschen Encadrement
duerch d'Chorallen Ell, Rued a Lannen

uschléissend am Centre Camille Ney
40, Haaptstrooss, L-8530 Ell

- **Concert Apero**
- **Éierewäin**
- **Gesellegt Zesummesinn**
- **Ausstellungs- a Verkafsstänn**
- **Mol- a Bastelatelier fir Kanner**
- **vill weider Aktivitéite bis an de spéiden Nomëtteg eran**

12:00 Auer **Mëttegiessen**
Menü, gekacht vun de Membere vun der LLJ Zenter:
Baueréplat: Ham, Fritten an Zalot, mat Rieslingspaschtéit 20 €
Kannermenü: Thüringer mat Fritten 10 €

15:00 Auer **Thé dansant** mam **„Orchester Marco, Manu & Jang"**

**D'Umeldung fir d'Mëttegiessen ass bis den 28. Oktober 2016 erwënscht um:
Tel.: 691 317 120 (Louis Majerus)**

Aktivitéitskalenner

Geplangten Aktivitéiten	Datum	Wou?	Organisateur
Oktoberfest:	29.10.2016	Ueschdref	LLJ Zenter
Dag vun der Kooperatioun:	06.11.2016	Centre Camille Ney zu Ell	LLJ Zenter
Thé dansant:	06.11.2016	Centre Camille Ney zu Ell	LLJ Zenter
E Merci fir den Asaz op der FAE:	13.11.2016		LLJ
Jongbauerendag:	20.11.2016	LTA zu Ettelbréck	LLJ
Theaterowend:	26.11.2016	Branebuerg	LLJ Furen
Theaterowend:	03.12.2016	Branebuerg	LLJ Furen
Theaterowend:	05.12.2016	Branebuerg	LLJ Furen
Radarbal:	23.12.2016	Klierf	LLJ Cliärref
Bal mat „Die Toten Ärzte" an „Juke Box":	25.12.2016	Klierf	LLJ Cliärref
43. Landjugenddag:	25.05.2017	Ierpeldeng	LLJ Dikrich

Weider Detailer zu dësen Aktivitéite fënnt deen Interesséierten ënner www.jongbaueren.lu.

Impressum:

Herausgeber: LLJ – Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 LUXEMBOURG

Redaktion: François Glodt (44 743-562)
Abbé Romain Richer
Korrekturen: Chantal Heuschling (44 743-252)

Layout: Claude Peiffer
Publishing Saint-Paul
Erscheint 4 mal jährlich